FGFC
Jo fir d'Gemengepersonal
FGFC - Gewerkschaft vum Gemengepersonal
47, route d'Esch | L-3332 Fennange
Tél.: 40 77 20-1 | fgfc@fgfc.lu
www.fgfc.lu

# PRESSEMATDEELUNG

D'FGFC weist sech déif verwonnert iwwer de weidere *Silence* vum TICE-Bureau.

De Protestpiquet vum Personal ass mëttlerweil **14 Deeg hier**, an **bis haut** koum **kee Liewenszeechen** vun de politesch zoustännege Responsabelen.

Schonn um **Dag vum Protestpiquet** huet d'FGFC dem TICE-Bureau e Bréif zoukomme gelooss, an deem si **e Gespréich ugefrot** an **konkret Propositiounen** gemaach huet, fir nees zu engem **respektvollen a konstruktive Mateenaner** zeréckzefannen.

Amplaz dorop anzegoen, huet d'Vizepresidentin vum TICE an der Press **Aussoen** gemaach, déi als **kloren Affront géint d'Personal an Gewerkschaft** ze verstoen sinn, andeems si änneranrem behaapt huet, der Direktioun wiere **keng Personalproblemer** bekannt.

Gläichzäiteg huet den Direkter **d'allwöchentlech Reunioune mat dem President vun der Delegatioun ofgesot**. Dës Haltung **léisst déif blécken** a weist eng **erschreckend Desinteresse un engem éierlechen Dialog**.

Sollten déi politesch Responsabel **net bis e Freideg, den 10. Oktober 2025**, op eis Ufro fir eng Réunioun reagéieren, deelt d'FGFC op dësem Wee mat, datt si **de Wee vun der Conciliatioun** wäert aschloen.

D'FGFC **léisst sech weder hinhalen nach ignoréieren**. D'Personal huet **e Recht drop, eescht geholl ze ginn**. Wann d'Politik mengt, de **Sozialdialog mat de Féiss ze trëppelen**, da brauch si sech **net iwwer en entschlossenen a ferme Géigewand** ze wonneren.

*Mategdeelt vun der FGFC Exécutive, Sektioun FGFC-TICE an der Personaldelegatioun*
*Fenneng, de 6. Oktober 2025*